

Rapport Referees Commission 19 Dezember 2017

Uwiesend: Ney, Geib, Weinzierl, Schmitt, Frieseisen, Pascalicchio, Keiffer, Simonelli

Entschellegt: Nesser, Weber,

1. Adoptioun vum Rapport vum 21.11.2017

De Rapport ass approvéiert. (*Le rapport est approuvé.*)

2. Tester virum Play-off

D'Tester virum Play-off fannen den 2./3. Februar statt. De Maik Handschke (DTN) wäert sech an engem Virtrag un de Corps arbitral wenden. Déi néi Regelfroe vun der IHF (just op englesch momentan verfügbar, an nach net fehlerfrei), ginn eréischt ab der Saison 2018/2019 genotzt. (Les tests avant le début du PO auront lieu le 02 et 03 février en présence du DTN Maik Handschke. Les nouvelles questions de l'IHF ne seront pas utilisées cette saison.)

3. Ticket Nationalequipp + Zougang Innenraum a VIP

Rappel: All Arbitter huet eng gratis Stooplaatz bei Lännermatcher ze gutt. Nëmme wann Sätzplaze fräi sinn, däerfen si sëtzen. Arbitter an Delegéiert déi näischt mat der Organisatioun ze dinn hunn, hunn keen Zougang zum VIP an dem Terrain! Just déi, déi bei der Organisatioun hëllef, kréien do Zougang. (M. Schmitt rappelle la décision du CA: Chaque arbitre aura droit à un ticket d'entrée debout gratuit. Les membres du corps arbitral qui ne sont pas impliqués à l'organisation n'auront en aucun cas le droit de rentrer au VIP ou sur le terrain.)

4. Arbitteraustausch?

Eng Zesummenaarbecht mat der belscher Handballfederatioun gëtt gepréift. Den Thierry Wagner huet dem Patrick Simonelli d'Kontaktpersoune ginn. E Projet deen schonn ugelaaf war, ass dee mam éisträicheschen Handballverband. Do ass eng weider Kooperatioun ugeduecht, an e weideren Austausch am Playoff geplangt. (Une coopération avec la fédération belge sera vérifiée. Le projet déjà commencé avec la fédération autrichienne sera intensifié et un autre échange est prévue pendant le Playoff.)

5. Shake-hands nom Match

Et ass opgefall, dass besonnesch bei Dammematcher de "Shake hands" zwëscht den Spillerinnen an Arbitter oft nom Match net gemaach gëtt. Wourun dat léit kann sech d'Refcom net erklären. Am Sënn vum Fairplay wär dat awer eng flott Saach, wann dorop an Zukunft méi Wäert géif geluet ginn. (On a constaté que surtout aux matches des dames, souvent il n'y a pas de "Shake-hands" entre joueuses et arbitres après les matches. On ne sait pas pourquoi. Dans le sens du fairplay il serait bien de changer cette approche.)

6. Cours analyse vidéo

Eng néi agefouert Formatioun mat Videoanalys huet eng 1. Kéier de 25.11 stattfonnt. Et war e grouse Succès an iwwer 20 Arbitter hunn gutt 3 Stonne konzentréiert de Presentateuren nogelauschtert an diskutéiert. Nächst Videoanalys ass fir den 20. Januar vu 09:00 bis 12h00 virgesinn. (La première séance avec analyse vidéo le 25 novembre a été un grand succès. 20 arbitres ont suivi intensivement les vidéos proposés par les présentateurs pendant 3 heures. Prochaine formation analyse vidéo est prévue le 20 janvier de 09:00 à 12:00.)

7. Suites match Red Boys -Berchem du 15.12.2017

D'Refcom huet de Virfall an de Schlussekonne vum Match Red Boys - HC Bierchem vum 15.12.2017 genau analyséiert. D'Refcom decidéiert, fir keen Afloss op den Tribunal vum 21.12 ze huelen, keng öffentlech Stellungnam ze huelen. De Jeannot Ney wäert sech, och op d'Virfäll nom Match, an der Versammlung vum CA den 23.12.17 un d'Membere vum CA wenden. (La Refcom a fait une analyse profonde des dernières secondes lors du match Red Boys - Berchem. La Refcom décide, pour éviter toute influence sur la décision du tribunal le 21.12, de ne pas publier son opinion. M. Jeannot Ney présentera les demandes de la Refcom aux membres du CA lors de la prochaine réunion du CA le 23.12.)

8. EHF-Beobachter Final 4

D'Refcom decidéiert och dëst Joer een EHF - Beobachter unzufroen. (La Refcom prend la décision d'engager un observateur EHF pour le Final4 2018.)

9. Receptioun Arbitter + EHF Delegéierten 02.01 - 03.01 an 13.01 - 14.01

Den Denis Weinquin mécht d'Receptioun vun den Arbitter den 02. an 03. Januar an d'Mariella Pascalicchio stellt sech zur Verfügung fir d'Receptioun vun den EHF Offiziellen den 13.01 an 14.01. (M. Denis Weinquin et Mme Mariella Pascalicchio vont faire la réception des arbitres et du délégué EHF.)

Nächst Versammlung: Dënschdeg den 23. Januar um 18:15.